N°3595
Entrée le 04.02.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 05.02.2026
Chambre des Députés

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 4. Februar 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten virunzeleeden.

De PNM2035 gesäit niewent de Verbesserunge vum Schinnennetz zu Lëtzebuerg och eng Verbesserung vun den Zuchverbindungen an d'Ausland vir. Am Regierungsprogramm gëtt op dem Punkt haaptsächlech iwwer eng besser Ubannung un dat däitscht Schinnennetz, iwwert eng erhéichte Frequenz vun Zich tëschent Lëtzebuerg an Diddenuewen, an iwwert eng verbesserten Zuchverbindung tëschent Lëtzebuerg a Bréissel geschwat. Dës Verbesserunge si mat dem Ënnerschreiwen vun enger Absichtserklärung iwwert d'Verstäerkung vun der Eisebunnszesummenaarbecht den 29. September 2025 tëschent der Madamm Ministesch an hirem belschen Homolog formaliséiert ginn.

An deem Kontext géing ech gäre follgend Froe stellen:

1. An der Absichtserklärung hu sech déi belsch an déi lëtzebuergesch Regierungen engagéiert eng Etüde iwwert d'Méiglechkeet vun enger Zuchverbindung tëschent Bréissel a Basel, iwwert Lëtzebuerg a Stroossbuerg, ze maachen. Ass dës Etüde schonn an Optrag gi ginn?
    - Wa net, wat sinn d'Grënn fir dës Entscheedung?
2. Ass d'Méiglechkeet vun enger direkter Nuetszuchverbindung tëschent Lëtzebuerg an dem Süde vu Frankräich sou wéi Spuenien, respektiv Italie schonn exploréiert ginn?
    - Wa jo, wat ass d'Resultat vun dësen Efforten?
    - Wa net, wéini gedenkt d'Mobilitéitsministesch dës Efforten unzestoussen?
3. Ginn den Ament nach aner international Zuchverbindung mat Lëtzebuerg als Haltestell wärend dem Dag oder der Nuecht studéiert?

Mat déiwem Respekt

Yves Cruchten
Deputéierten

#ZESUMMEN
Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg
Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu
lsap.lu